N° 7618
Entrée le 21.03.2023
Chambre des Députés

**Äntwert vun Sam TANSON, Ministesch fir Justiz, op d'parlamentaresch Fro n°7618 vum 16. Februar 2023 vum honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT.**

Am Virfeld muss gesot ginn dass et schwéier ass eng präzis Äntwert ze ginn op Froen déi sech op konkret Virfäll bezéien, ouni méi Detailer ze hunn. Et war deemno net méiglech genau no ze préiwen wat an deenen Fäll konkret geschitt ass.

***1.*** De Registre des bénéficiaires effectifs (RBE) gëtt, wéi aner online Servicer vum LBR, duerch en automatiséierten Sëcherheetsdispositif vum Centre des technologies de l'information de l'Etat (CTIE) geschützt. D'Zil ass et d'Servicer virun exzessiven automatiséierten Ufroen aus dem Internet ze schützen an esou hier Disponibilitéit ze garantéieren. D'Zil ass net Persounen ze spären. An dem Sënn war de 14. September 2022 folgend Annonce um Site vum LBR gemaach ginn :

> *"Pour garantir un fonctionnement optimal de son site, et conformément aux conditions générales d'utilisation du site, des limitations de volumétrie ont été mises en place par le LBR."*

***2. + 3.*** Am Fall wou de Sëcherheetdispositif Anomalien un der Unzuel oder der Form vun de Requêten détektéiert, gëtt d'IP-Adress automatesch fir e kuerzen Zäitraum blockéiert, fir dass vun do keng Ufroen méi un de Service kënne geschéckt ginn. D'Limite, ab där d'Unzuel u Requêten déi vun enger IP-Adress ausginn als Anomalie bezeechent gëtt, ass wäit iwwert där vum gewéinlechen Gebrauch vun engem Benotzer. Laut CTIE, gouf keen Accès um Niveau vum Sëcherheetsdispositif vum RBE als Anomalie an de Méint Januar a Februar 2023 détectéiert, deen zu enger temporärer Spärung gefouert hätt, wat notamment och dorunner läit, dass een fir dësen Regëster en authentifizéierten Zougang brauch. Um Niveau vum RCS, deen och vun esou engem Sëcherheetsdispositif geschützt gëtt, ginn par contre regelméisseg Anomalien festgestallt an IP-Adressen temporär blockéiert.

An esou engem Fall ass den Helpdesk vum LBR awer ëmmer bereet, esou séier wéi méiglech dem Utilisateur ze hëllefen fir de Problem ze behiewen.

Lëtzebuerg, den 21. März 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson